ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 SEP. 2015
1461

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden:

Eng Kräizung op der N12 an zwar vun der N12 op d'N20 (op der Féitsch) an eng Kräizung op der N18, an zwar vun der N 18 op CR373a resp. CR 332 (bei Lentzweiler) hu sech mat den Joeren zu geféierlechen Verkéierskniet entwéckelt. Op dëse Kräizungen koum et schonns dacks zu ganz schwéieren Akzidenter an op enger esouguer méi dacks mat déidlechem Ausgang.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1.) Wier et net sënnvoll, dës zwou Kräizungen als Kreessverkéier ze amenagéieren?

2.) Besti schonns Pläng an dës Richtung an, de Fall gesat, vir wéini wier mat esou Aarbechten ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 OCT. 2015

**Monsieur Fernand Etgen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1461 du 28 septembre 2015 de l'honorable député Monsieur Gast Gibéryen, concernant l'aménagement de certains carrefours, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre du Développement durable**
**et des Infrastructures**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 22 31 60

**Äntwert vum Här François Bausch, Nohaltegkeetsminister, op d'parlamentaresch Ufro N° 1461 vum 28. September 2015 vum Här Députéierten Gast Gybérien**

Souwäit der Stroossebauverwaltung bekannt ass, sinn op deenen 2 besote Kräizunge vun Ufank 2012 bis haut op all Kräizung 6 Accidenter geschitt. Dorënner si fir di eng am Joer 2012 a fir di aner am Joer 2014 leider och 1 Doudegen ze verzeechnen. Dat hat awer all Kéiers näischt mat der Geometrie vun der Kräizung ze dinn, wou et an sech näischt ze beanstande gëtt. Op deenen 2 Kräizungen huet een a béid Richtungen eng fräi Siicht vun op mannst 250 Meter, wat iwwert den Recommandatiounen ass, och wann d'Geschwindegkeet op der Virfaartsstrooss (wéi op der N18 bei Lentzweiler) net erofgesat ass. Di Kräizung bei Lentzweiler ass doriwwer eraus owes nach beliicht.

Et kann een deemno a béide Fäll net vu geféierleche Kräizunge schwätzen. Sécher ass ee Rondpoint a priori, virun allem an den Uertschaften, méi dozou gëeegent fir op engem Schnëttpunkt vun 2 Stroossen ee schwéieren Accident ze vermeiden wéi eng traditionell Kräizung, mä et ass awer och net méiglech an ubruecht fir elo op all Kräizung e Rondpoint ze bauen. Ze bedenken ass awer och datt ee Rondpoint op fräier Gewan eppes aneschters ass wéi een an der Uertschaft. Op fräier Gewan kann een Autofuerer sech emol liicht verdinn, well hien, mat méi héier Vitesse ënnerwee wéi an enger Uertschaft, de Rondpoint entweder ze spéit erkennt oder falsch aschätzt a sou liicht an d'Laberente ka kommen, wat dann och zu engem Accident féiere kann.

Et sief awer och drun erënnert, datt Stroossebauverwaltung ëmmer erëm ënnersicht eventuell nei „Points Noirs" ze identifizéieren fir dann natierlech di néideg Moossnamen zu hirer Beseitegung ze ergräifen.